**PARBLAT - BULLETIN PAROISSIAL**

**Par Kordall Sainte-Barbe a**
**Par Déifferdeng Saint-François-d'Assise**

**06.06.2026 - 12.07.2026**



Johannes-Minne in Heiligkreuztal Foto: Romain Gillen

# Pastoralequipe fir
# d'Paren Kordall Ste-Barbe an Déifferdeng St-François-d'Assise

**Curé-modérateur**

| | | |
|---|---|---|
| Jean-Pierre Reiners (Curé-doyen) | 621 272 518 | jean-pierre.reiners@cathol.lu |
| Curé Romain Gillen | 50 72 47<br>Fax: 50 58 29 | romain.gillen@cathol.lu |
| Curé Alberto Chambi | 621 770 960 | alberto.chambi@cathol.lu |
| Abbé Jean-Luc Pinalie | 661 73 06 11 | jean-luc.pinalie@cathol.lu |
| Diakon William Zanier | 621 490 206 | william.zanier@cathol.lu |
| Pastoralreferentin Andrée Biltgen | 691 650 571 | andree.biltgen@cathol.lu |

| | | |
|---|---|---|
| **Communauté lusophone du Sud** | | mcpesch@pt.lu |
| Père Marcos Donato Fuentes c.s. | 54 06 69 | marcos.fuentes@cathol.lu |
| Père Danilo Alves De Lima | | danilo.alvesdelima@cathol.lu |

**Titularkatecheten vun der Par Kordall Ste-Barbe**

| | | |
|---|---|---|
| Eric Enders | 621 177 764 | eric.enders@cathol.lu |
| Khanh Faten-Nguyen | 621 178 840 | khanh.faten@cathol.lu |
| Christine Marcy | | cate.kordall@cathol.lu |

**Titularkatechetinnen vun der Par Déifferdeng St-François-d'Assise**

| | | |
|---|---|---|
| Ilona Dury-Goska | 691 929 170 | ilona.dury@cathol.lu |
| Romaine Muller-Meyer | 691 367 471 | romaine.muller@cathol.lu |
| Christine Marcy | | cate.deifferdeng@cathol.lu |

**Sekretariat vun der Par Kordall Ste-Barbe**

| | | |
|---|---|---|
| **27, rue de la Résistance L-4942 Bascharage** | 26 50 38 62 | kordall@cathol.lu |
| Chantal Cito-Barthelmy | | chantal.cito@cathol.lu |

Lundi - Mercredi - Vendredi : 07h30 - 11h30 & 14h00 - 17h00
Mardi, Jeudi : 10h00 - 11h30 & 14h00 - 17h00

**Homepage: http://cathol.lu/kordall**

**Sekretariat vun der Par Déifferdeng St-François-d'Assise**

| | | |
|---|---|---|
| **1, avenue d'Oberkorn L-4640 Differdange** | 58 80 84 | deifferdeng@cathol.lu |

Marinette Seyler-Hengo

Lundi, Mardi Mercredi: 10h00 - 12h00 & 14h00 - 18h00
Jeudi, Vendredi : 10h00 - 12h00 & 14h00 - 16h00

**Homepage: http://cathol.lu/deifferdeng**

**Aumônerie catholique Centre Hospitalier Emile Mayrisch (CHEM)**
**Elisabeth Baudin 57 11 80 550**

**Zum Häerz-Jesu-Fest, den 12. Juni 2026**
**Dem Jesus säin Häerz steet op fir all Mënschen**

Eist Häerz ass e Wonnerwierk vun der Natur. Et suergt dofir, datt d'Blutt duerch eise Kreeslaf befördert gëtt an all Organer mat Sauerstoff, Nährstoffer a liewensnoutwendege Substanzen versuergt ginn.

D'Häerz ass awer méi, wéi just e Muskel aus Fleesch a Blutt. An eiser Kultur ass et och e Symbol fir d'Séil vun engem Mënsch. Am Häerz spiere mir Matgefill, Freed, Leed an Zäertlechkeet. Mat dem Häerz verbanne mer Gefiller, wéi Léift an Trauer, awer och Haass a Näid. Kee Wonner, datt d'Sprooch och voll vun Ausdréck ass, wou d'Häerz dra virkënnt. Mir gréissen zum Beispill häerzlech oder handele munchmol ouni Häerz a mir soen, datt een e mëllt Häerz huet.

D'Häerz-Jesu-Fest geet zréck op d'Visiounen vun der Schwëster Maria Margareta Alacoque, déi zu Paray-le-Monial gelieft huet. Si huet 1673 de Jesus gesinn, deem säin Häerz bei dëser Visioun geflaamt huet a vun enger Därekroun ëmgi war. Dat ass als Opfuerderung ausgeluecht ginn, esou e Fest anzeféieren. De Poopst Clemens III. huet et 1765 offiziell unerkannt an de Pius IX. huet et fir d'ganz réimesch Kierch virgeschriwwen.

Op dësem Fest hu mer am Evangelium dem Jesus säin Opruff : « Kommt all bei mech, déi dir iech plot an riskéiert ënnert de Laaschten vum Liewen zesummenzebriechen. Ech wäert iech Rou verschafen. » (Mt 11,28)

D'chrëschtlech Konscht vum Mëttelalter huet dësen « Heilandsruf » opgegraff an en Andachtsbild geschafen, dat als « Johannes-Minne » bezeechent gëtt.

Eng besonnech schéin Duerstellung, déi dir vir op dësem Parblat gesitt, steet am fréiere Klouschter Heiligkreuztal. Duergestallt ass de Johannes, wéi hien nierwend dem Jesus sëtzt a säi Kapp op dësem seng Broscht leet. Hien rout um Häerz vu sengem Här, wéi beim Leschten Abendmahl am Johannesevangelium. Et ass e Bild voller Innegkeet, dat eis weist, datt de Jesus en Häerz huet, dat fir eis Mënschen schléit, dat grouss genuch ass, fir eis all Plaz ze bidden an eis Gebuergenheet a Fridden ze schenken.

D'Bild weist weider, wéi déi zwee sech d'Hänn reechen a wéi de Jesus dem Lieblingsjünger seng Hand op d'Schëller leet. Dat gesäit aus, wéi wann de Künstler, de Meeschter Heinrich vu Konstanz, d'Wuert vum Psalm 139,5 am Bléck gehat hätt : « Du Gott ëmschléiss mech vun alle Säiten a lees deng Hand op mech. » Dat bréngt och en ergräifend Gefill vu Gebuergenheet an Zesummegehéieregkeet zum Ausdrock.

Jo, dës Duerstellung stellt eis schéi virun Aen, datt Gott en Häerz fir eis huet, an datt dëst am mënschlechen Häerz vum Jesus schléit. Him kann ech vertrauen, well hien waacht iwwert mech. Hien ass sensibel fir meng Freeden an Hoffnungen, fir meng Suergen an Ängschten, fir alles, wat mech belaascht a bedréckt. Säin Häerz steet op, net nëmme fir mech, mee fir all Mënschen ouni Ausnahm. Vun him geet nëmme Léift a Fridden aus.

Romain Gillen, Paschtouer

**<u>Samschdeg, 6. Juni</u>** *Hl. Norbert vu Xanten, Bëschof († 1134)*

**Uewerkuer/Oberkorn**
**10:00 Daf: Eliano Delleré / Gaia Leite Colombo / Mischi Miles** *(en luxembourgeois)*.

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**11:30 Hochzäit: Patrick Bertemes - Tamara Binna.**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**12:00 Daf: Chloé Almeida Monteiro / Anaysa Da Cunha Martins** *(Com. lusophone)*.
**14:30 Daf: Bianca De Brito Esteves / Victoire Anastasia Savart** *(en français)*.

**Péiteng/Pétange**
**17:00 Mass** *(en français)*:
1JM fir Yvette Busser a Mass fir Aloyse Busser / fir d'Famill Thull-Kauth / fir d'Eheleit Filadelfio a Graziella Vieni-Savio / fir Robert Weber an d'Famill Weber-Thein, fir Roger Wagner a Christiane Steines-Wagner.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**18:30 Mass:**
fir de Chanoine hon. Jos. Weisgerber (Paschtouer zu Déifferdeng, Nidderkuer a Lasauvage / 1988-2002) an de Chanoine Camille Juncker (Paschtouer zu Uewerkuer / 1976-1979).

**<u>Sonndeg, 7. Juni</u>** **Härläichendag - Fête-Dieu**

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**09:30 Mass fir Härläichendag fir d'Pare Kordall an Déifferdeng an all eis Sproochegemeinschaften mat uschléissender Pressessioun géint 10:30.**
*(Messe intercommunautaire et interparoissiale suivie de la procession vers 10:30).*

**<u>Méindeg, 8. Juni</u>**

**Péiteng/Pétange**
**17:30-18:15 Gebiet vun de Mammen** *(Prière des mères)*.

**<u>Dënschdeg, 9. Juni</u>** *Hl. Ephräm, Diakon († 373)*

**Uewerkuer/Oberkorn**
**09:00 Mass fir Priisterberuffungen.**

**<u>Donneschdeg, 11. Juni</u>** *Hl. Barnabas, Apostel*

**Fousbann-Sakristei / Fousbann-sacristie**
**09:00 Rousekranz** *(Rosaire)*.

**<u>Freideg, 12. Juni</u>** **Häerz-Jesu-Fest**

**Péiteng/Pétange**
**17:30 Anbetung, Rousekranz a Beicht** *(Adoration, rosaire et confessions)*.
**18:30 Mass:**
fir déi Lieweg a Verstuerwen vun de Familljen Buysse-Metz, Metz-Dondelinger, Buysse-de-Beir a Biggins-de-Beir.

**<u>Samschdeg, 13. Juni</u>** *Gedenkdag: Häerz Mariä*

**Péiteng/Pétange**
**17:00 Mass** *(en français)*:
JM fir Jean Schmit / Mass fir Margot Baustert-Michels / fir d'Familljen Roos, Driemeyer an Erpelding / fir d'Eheleit Jean Fisch an Ernestine Metzler, Victor Reder a Bertha Koos / fir Iride Presciutti, Ida Porru, Amarillide Rilli an Zelmira Matteucci / fir Amarilide Presciutti, Teresa Valentini, Rina Salvadore, Domenica Vivani an Giovanna Zambito.

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**18:30 Mass:**
JM fir Steve Reuland / Mass fir Marie-Thérèse Deischter-Thilgen / fir d'Familljen Weinachter-Crahay, Schneider-Reimen a fir d'Schwëster Paul-Marie Muller / fir Lucie Neyer-Seidel, Marie-Louise Demeyer-Gengler a Germaine Sauber / Stfg. fir d'Familljen Glod-Hiesdorf-Huss.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**18:30 Mass.**

**<u>Sonndeg, 14. Juni</u>** **11. Sonndeg am Joreskrees A**
*Mammendag/Fêtes des Mères*

**Uewerkuer/Oberkorn**
**08:00 Mass** *(en portugais)*.

**Péiteng/Pétange**
**09:15 Mass:**
fir d'Familljen Geis a Ponzer / Stfg. fir d'Familljen Schilling-Wagner a Polfer-Dreiling, Kanner a Kandskanner / fir d'Famill Léon Georges-Krompholtz a Kanner.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**11:00 Mass mat «Profession de foi».**

**Rodange**
**18:00 Mass** *(en portugais et en français)*.

**<u>Méindeg, 15. Juni</u>** *Hl. Veit, Märtyrer († ëm 304)*

**Péiteng/Pétange**
**17:30-18:15 Gebiet vun de Mammen** *(Prière des mères)*.

**<u>Freideg, 19. Juni</u>** *Hl. Romuald, Uerdensgrënner († 1027)*

**Péiteng/Pétange**
**17:30 Anbetung, Rousekranz a Beicht** *(Adoration, rosaire et confessions)*.
**18:30 Mass.**

**<u>Samschdeg, 20. Juni</u>**

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**11:00 Daf: Ayden Haan.**

**Rodange:**
**12:00 Daf: Matteo Alexandre Da Silva Lage / Leandro Gil Monteiro Assunção / Maylan Monteiro Carvalho** *(Communauté lusophone)*.

**Péiteng/Pétange**
**17:00 Mass** *(en français)*.

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**18:30 Mass:**
JM fir Firmin Kieffer / JM fir Yvonne Mazouin-Elsen a Mass fir Abbé Roger Weyland / fir d'Eheleit Edmond a Suzanne Welu-Thiry / JM Ferdinand Schroeder / Stfg. fir d'Familljen Eich, Leuschen, Mertzig a Jean Birnbaum.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**<u>18:30 Pas de messe!</u>**

**<u>Sonndeg, 21. Juni</u>** **12. Sonndeg am Joreskrees A**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**08:00 Mass** *(en portugais)*.

**Péiteng/Pétange**
**09:15 Mass.**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**11:00 Mass:**
Stfg. fir d'Famill Lamborelle-Bernard.

**Rodange**
**18:00 Mass** *(en portugais et en français)*.

**Méindeg, 22. Juni** *Hl. Paulinus, Bëschof († 431)*
*Hll. John Fisher an Thomas Morus, Märtyrer († 1535)*

**Péiteng/Pétange**
**17:30-18:15 Gebiet vun de Mammen** *(Prière des mères)***.**

**Déifferdeng - Park Gerlache / Differdange - Parc Gerlache**
**19:30 Feierlechen Te Deum um Virowend vun Nationalfeierdag.**

**Dënschdeg, 23. Juni** *Nationalfeierdag*

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**10:00 Feierlechen Te Deum fir Nationalfeierdag.**

**Rolleng/Lamadelaine**
**10:30 Feierlechen Te Deum fir Nationalfeierdag.**

**Mëttwoch, 24. Juni** **Fest vun der Gebuert vum hl. Johannes d. Deefer**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**09:00 Mass zum Héichfest vum hellege Johannes dem Deefer.**

**Freideg, 26. Juni** *Hl. Josefmaria Escrivá, Priister († 1975)*

**Péiteng/Pétange**
**17:30 Anbetung, Rousekranz a Beicht** *(Adoration, rosaire et confessions)***.**
**18:30 Mass:**
fir Caroline Schanck-Odem / fir d'Famill Roderich-Nicks.

**Samschdeg, 27. Juni** *Hl. Cyrill vun Alexandrien, Bëschof († 444)*
*Hl. Hemma, Stëfterin vu Kléischter († 1045)*

***An alle Massen um Weekend:***
***Kollekt fir d' «Kierchen an Osteuropa».***

**Rolleng/Lamadelaine**
**10:30 Bibelgespréich mat Kaffi / Etude Biblique avec café.**

**Péiteng/Pétange**
**11:00 Daf: Serena Luciana Phaëton** *(en français)***.**

**Péiteng/Pétange**
**17:00 Mass** *(en français)***:**
fir Albano De Jesus a Famill Da Silva / Stfg. fir d'Eheleit Jean-Pierre Colas-Marie Reuter, Kanner a Kandskanner / fir déi Verstuerwe vun de Familljen Baustert-Mersch, Michels-Karger, Kanner a Kandskanner.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**18:00 Messe pontificale avec administration du sacrement de la confirmation pour les confirmands de la Communauté lusophone.**

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**18:30 Mass:**
1JM fir Maurice Tempels / Mass fir Paul Wagner an d'Eheleit Nicolas Haupert a Mathilde Schmit, Haupert-Flammand a Schmit-Muller / Stfg. fir d'Famill Scheerer-Stempel.

**Sonndeg, 28. Juni** **13. Sonndeg am Joreskrees A**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**08:00 Mass** *(en portugais)*.

**Péiteng/Pétange**
**09:15 Mass.**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**11:00 Mass.**

**Rodange**
**18:00 Mass** *(en portugais et en français)*.

**Méindeg, 29. Juni** **Héichfest vun den Apostelfürsten Péitrus a Paulus**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**09:00 Mass.**

**Péiteng/Pétange**
**17:30-18:15 Gebiet vun de Mammen** *(Prière des mères)*.

**Dënschdeg, 30. Juni** *Hll. Märtyrer vu Roum († 1. Jh.)*
*Hl. Otto vu Bamberg, Missionar († 1139)*

**Uewerkuer/Oberkorn**
**09:00 Mass.**

**Donneschdeg, 2. Juli** *Fest: Mariä Heimsuchung*

**Rolleng/Lamadelaine**
**18:30 Jugendmass.**

**Freideg, 3. Juli** *Hl. Thomas, Apostel*

**Péiteng/Pétange**
**17:30 Anbetung, Rousekranz a Beicht** *(Adoration, rosaire et confessions)*.
**18:30 Mass:**
Stfg. fir d'Eheleit Heinz Lenze a Julie Maréchal.

**Samschdeg, 4. Juli** *Hl. Ulrich, Bëschof († 973)*
*Hl. Elisabeth vu Portugal, Kinnigin († 1336)*

**Uewerkuer/Oberkorn**
**11:00 Daf: Elia Daresch Ney** *(en luxembourgeois)*.

**Rodange**
**11:30 Mass mam Kardinol zum Familljendag vun de stännegen Diakonen.**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**14:30 Messe de gratitude pour la clôture de la catechèse** *(Communauté lusophone)*.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**16:00 Daf: Milo Milosz Sauber** *(en français)*.

**Péiteng/Pétange**
**17:00 Mass** *(en français)*:
1JM fir Leo Schroeder / Mass fir d'Eheleit Filadelfio a Graziella Vieni-Savio / fir Robert Weber an d'Famill Weber-Thein.

**Rodange:**
**18:00 Messe pour les motards et les victimes de la route avec bénédiction des motards** *(communauté lusophone).*

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**18:30 Familljemass mat Ofschloss vun der Katechees:**
JM fir Josy Deischter a Mass fir Marie-Thérèse Deischter-Thilgen / Mass fir Roger Schmit, Albert a Marie-Thérèse Dosser-Konsbrück / fir d'Familljen Weinachter-Crahay, Schneider-Reimen a fir d'Schwëster Paul-Marie Muller / Stfg. fir d'Famill Feipel-Sales / fir d'Familljen Eich, Leuschen, Mertzig a Jean Birnbaum.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**18:30 Familljemass mat Ofschloss vun der Katechees a Schéckiwwerreechung.**

**<u>Sonndeg, 5. Juli</u>** **14. Sonndeg am Joreskrees A**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**08:00 Mass** *(en portugais)*.

**Péiteng/Pétange**
**09:15 Mass:**
Stfg. fir déi Verstuerwen vun de Familljen Kalmes, Simon, Kohner an Anen **/** fir d'Eheleit Nic. Neuberg-Martha Haan an d'Famill.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**11:00 Mass:**
Stfg. fir d'Famill Crestani-Poupart.

**Lëtzebuerg-Kathedral / Luxembourg-Cathédrale**
**18:00 Pontifikalmass fir den 1. Anniversaire vum Pontifikat vum Poopst Leo XIV.**

**Rodange**
**18:00 Mass** *(en portugais et en français).*

**Rolleng/Lamadelaine**
**18:00 Taizégebiet.**

**<u>Méindeg, 6. Juli</u>** *Hl. Maria Goretti, Märtyrerin († 1902)*

**Péiteng/Pétange**
**17:30-18:15 Gebiet vun de Mammen** *(Prière des mères)*.

**<u>Dënschdeg, 7. Juli</u>** *Hl. Willibald, Bëschof († 787)*

**Uewerkuer/Oberkorn**
**09:00 Mass.**

**<u>Donneschdeg, 9. Juli</u>** *Hl. Tarcisius, Patréiner vun de Massendénger († 257)*

**Fousbann-Sakristei / Fousbann-sacristie**
**09:00 Rousekranz** *(Rosaire)*.

**<u>Freideg, 10. Juli</u>** *Hll. Knud IV. († 1086), Erich IX. († 1160) an Olaf II. († 1030), Kinneken*

**Péiteng/Pétange**
**17:30 Anbetung, Rousekranz a Beicht** *(Adoration, rosaire et confessions)*.
**18:30 Mass:**
fir Josy Poncin-Thréisy Nicks, Jean Elsen a Famill / fir déi Lieweg a Verstuerwen vun de Familljen Buysse-Metz, Metz-Dondelinger, Buysse-de-Beir a Biggins-de-Beir.

**Rodange**
**18:30 Mass zur Éier vun der hl. Amalberga** *(Patronatsfest)*.

**<u>Samschdeg, 11. Juli</u>** *Hl. Benedikt vun Nursia, Patréiner vun Europa († 547)*

**Péiteng/Pétange**
**17:00 Mass** *(en français)*:
fir Margot Baustert-Michels.

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**18:30 Mass.**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**18:30 Mass.**

**<u>Sonndeg, 12. Juli</u>** **15. Sonndeg am Joreskrees A**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**08:00 Mass** *(en portugais)*.

**Péiteng/Pétange**
**09:15 Mass:**
JM fir Jean Lippert a Mass fir d'Familljen Lippert, Weibel a Bivort / fir Anita Hilbert-Baustert

**Uewerkuer/Oberkorn**
**11:00 Mass.**

**Rodange**
**18:00 Mass** *(en portugais et en français)*.

# Kommiounen an der Par Déifferdeng Saint-François-d'Assise



**Uewerkuer 16.04.2026**



**Uewerkuer 17.04.2026** *(Fotoen: Nelson Coelho)*

**Kommiounen an der Par Kordall Sainte-Barbe**



**Péiteng 11.04.2026**



**Péiteng 12.04.2026** *(Fotoen: Sandra Da Silva-Schiltz)*



**Rodange 18.04.2026**



**Käerjeng 19.04.2026** *(Fotoen: Sandra Da Silva-Schiltz)*



# Glawen erliewen

# Vivre la foi

# Katechees

# catéchèse



# Am Glawen wuessen

# Grandir dans la foi

## Aschreiwung / Inscription

**01.07.2026 - 15.07.2026**

**15.09.2026 – 27.09.2026**

Méindes/Lundi -
Samschdes/Samedi: 9 - 11h

Méindes/Lundi —
Mëttwochs/Mercredi: 15 - 17h

Am Büro vun der Katechees

*Au bureau de la catéchèse en paroisse*

Rue de la Chapelle; Differdange

(à côté de l'église de Fousbann)

Ab elo méiglech

**Digital Aschreiwung**

***Inscription électronique***

www.cathol.lu

***site-web/catéchèse***

| | | |
|---|---|---|
| **Ilona Dury-Goska** | **691 929 170** | ilona.dury@cathol.lu |
| **Romaine Muller-Meyer** | **691 367 471** | romaine.muller@cathol.lu |
| **Christine Marey** | | cate.deifferdeng@cathol.lu |

*Pour une inscription électronique*

***Communauté lusophone***

*(Catéchèse en langue portugaise)*

***site-web/catéchèse***

**Paroisse Kordall Sainte-Barbe**

*Inscription à la catechèse pour 2026-2027*

Merci de contacter:

| | | |
|---|---|---|
| **Eric Enders:** | **691 898 311** | **eric.enders@cathol.lu** |
| **Khanh Faten-Nguyen:** | **621 178 840** | **khanh.faten@cathol.lu** |

---

**Gleewen haut - tëscht Zweifel a Vertrauen**

Hues du Loscht, däi Glawen mat aneren ze deelen, zesummen nozedenken an en nach méi ze verdéiwen?

Da bass du häerzlech agelueden, **den 03.06.2026 um 19:00 Auer** an de **Parbureau «A Foussen»** (1 av. d'Oberkorn L-4640 Differdange) ze kommen.

Mir treffen eis **all éischte Mëttwoch am Mount** (ausser an der Summerpaus):

**vun 19:00 bis 21:00 Auer**
**Jiddereen ass wëllkomm!**
**Sprooch: Lëtzebuergesch**

Alles, was du brauchs, ass e bësse Virwëtz, gudd Laun, eng Bibel an - wanns de wëlls - eppes fir Notizen ze machen.

---

**D'Fraen a Mammen vum Dekanat Süden-West**

invitéieren op hir **Pilgerfaart op Avioth en Donneschdeg, de 16. Juli 2026**.

Fir weider Informatiounen an d'Umeldung, mëllt iech beim Nicole Schuller um

**GSM 661 231 966** bis spéitstens **den 10. Juli 2026.**

---

D'Sekretariat vun der Par Kordall Ste-Barbe ass zou vum **15. bis den 23. Juni 2026.**

Fir eng Urgence (Stierffall) kënnt dir d'Mme Sylvie Demeyer-Neyer

um **621 830 682** uruffen. Merci.

---

Dat nächst Parblat geet vum **11. Juli bis den 31. August 2026.**

Bestellt w.e.g. är Massen bis spéitstens **Méindes Mueres, den 29. Juni 2026 !**

Merci am Viraus.

**Den Hellege vum Mount....**

Zu Uewerkäerjeng an enger Kierchefënster gëtt et eng vun deenen an eiser Äerzdiözees raren Duerstellunge vun där Helleger, déi mir de 6. Juli feieren : d'**Maria Goretti**. Gebuer de 16. Oktober 1890 zu Corinaldo bei Ancona an Italien, koum si aus enger aarmer kannerräicher Bauerefamill. Opgrond vun extremer wirtschaftlecher Nout, hunn hir Eltere Luigi Goretti an Assunta Carlini mat hire Kanner 1899 hiert Duerf verlooss, an der Hoffnung zu Ferriere di Conca – engem Duerf bei Nettuno – besser Aarbechtsméiglechkeeten als Pächter ze fannen. Ee Joer méi spéit ass de Papp Luigi duerch Malaria gestuerwen, an dat jonkt Maria – genannt Marietta – huet sech missen ëm hir méi kléng Gesëschter këmmeren, wärend hire Brudder zesumme mat der Mamm um Feld geschafft huet. Zu där Zäit huet am selwechten Haus den Alessandro Serenelli gewunnt, deen d'Maria méi wéi eemol bedrängt a belästegt huet – bis et schliisslech zum schreckleche Virfall koum. De 5. Juli 1902 huet den 20-järegen Alessandro versicht, dat eeleft Joer aalt Maria ze vergewaltegen. Mat aller Kraaft huet d'Maria Goretti sech gewiert an ëmmer nees geruff « Das ist Sünde, Alessandro, du kommst in die Hölle. » Wéi den Alessandro gemierkt huet, datt d'Meedchen sech ëmmer méi géint hie wiert, huet hie mat enger Pique (= Ahle, alène) 14 Mol op d'Maria agestach, an duerno d'Flucht ergraff. Schwéierverletzt koum d'Meedchen an d'Spidol vun Nettuno, wou et den Dag drop, de 6. Juli 1902, un de Follgen vu senge Verletzunge gestuerwen ass. Nach um Stierfbett huet et fir säi Peineger gebiet an him verzie mat de Wieder : « Aus Liebe zu Jesus vergebe ich ihm, ich möchte, dass er mit mir ins Paradies kommt. »
De 27. Abrëll 1947 huet de Poopst Pius XII. d'Maria Goretti séileggesprach, an de 24. Juni 1950 koum et duerch de selwechte Poopst, an a Präsenz vun der Mamm, zu hirer Hellegspriechung – iwweregens déi éischt, déi wéinst de ville Pilger baussen op der Péitersplaz zu Roum stattfonnt huet. Hir leschte Rou huet d'Maria Goretti – Märtyrerin vun der Rengheet a Virbild vun engem Mënsch voller Nächsteléift a Verzeien – am 'Santuario di Nostra Signora delle Grazie e di Santa Maria Goretti' zu Nettuno fonnt.
Den Alessandro Serenelli sengersäits gouf zu 30 Joer Zwangsaarbecht verurteelt. Wärend senger Prisongszäit ass him am Dram säin Affer erschéinen, dat him 14 Lilie geschenkt huet. Doropshin huet hien seng Dot déif bereit. Wéinst gudder Féierung gouf hien op Chrëschtdag vum Joer 1928 entlooss a huet reumüteg d'Mamm vum Maria Goretti opgesicht a si ëm Verzeiung gefrot, déi him och gewäert gouf. Duerno ass hien dem 3. Uerde vun de Minder-Bridder vun de Kapuziner bäigetratt, huet sech an d'Kapuzinerklouschter Macerata zréckgezunn, wou en, an engem Liewe voller Bouss, als Gäertner geschafft huet an am Joer 1970 am Alter vu 87 Joer gestuerwen ass.
Helleg Maria Goretti, biet fir all jonk Meedercher a Fraen, a fir äis all.

(Text: J.-P. REINERS)